N°7137
Entrée le 29.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7137 vum 8. November 2022 vum honorabelen Députéierten Fred KEUP iwwert « Parc automobile de la Police grande-ducale »**

**Ad 1)**
Der Police hier Stäerkt läit an der Komplémentaritéit an der géigensäiteger Ënnerstëtzung. Et ass aus Käschtegrënn nët méiglech, dass all Unitéit alles vu Material a Charroi huet, wann de Besoin net dagdeeglech besteet. De Budget gëtt op Besoin ausgeriicht a responsabel geréiert, fir eng effizient Police Aarbecht ze garantéieren.

**Ad 2)**
Sou en Tableau kann aus Sécherheetsgrënn net divulgéiert ginn. Generell sief awer gesot, dass de Fuerpark vun der Police a verschidde Kategorie vu Gefierer ënnerdeelt ass, wéi z.B. Transporter-Camionnetten, Patrulleween am Break-Format, Patrulleween am Limousine-Format, klenger Autoen fir éischter logistesch/administrativ benotzt ze ginn, etc. En fonction vun der Haaptausriichtung vun der Unitéit/dem Service, sinn Unitéiten mat deem néidegen Asazmaterial ausgestatt, wat d'Beamte brauchen fir hir Missioune kënne beschtméiglech auszeféieren Doriwwer eraus kënnen de Kommissariater och ëmmer Autoen aus enger Reserve zur Verfügung gestallt ginn..

**Ad 3 an Ad 4)**
Wat d'Gefierer ugeet, gëtt keng Trennung gemaach op der Basis vum Typ vu Kommissariat. D'Missiounen sinn déi nämmlecht, egal op d'Kommissariat mat 2 oder 3 Schichte schafft. Zousätzlech Uschafungen en fonction vun neien operationelle Besoinen ënnerleien och de budgetäre Prozedure vum Staat.

Lëtzebuerg, den 29. November 2022

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX